N°412
Entrée le 01.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Bei der rezenter Staatsvisitt vum President vun der tschechescher Republik Petr Pavel a senger Fra ass eis opgefall dass de vu Lëtzebuerg an dësem Kontext zur Verfügung gestallte Fuerpark bal exklusiv aus fossil ugedriwwenen Gefierer bestanen huet. Dozou kennt, dass déi Gefierer, déi ronderëm de Palais stationéiert sinn, aus eis onbekannte Grënn de Motor permanent lafe loossen. Hei stellen sech Froe wat d'Ëmwelt, d'Reputatioun vu Lëtzebuerg an eis Virbildfunktioun ugeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech de Ministère par rapport zu dësen Observatiounen? Gesäit de Ministère hei eng Méiglechkeet senger Virbildfunktioun besser gerecht ze ginn?
2. Falls dës Gefierer an de Choix vun dësen der Autoritéit vun der Maison Grand-Ducale ënnerleien, plangt d'Regierung hei eng Recommandatioun auszeschwätzen?
3. Aus wéi enge Grënn besteet den Fuerpark dee fir eng Staatsvisitt genotzt gëtt net aus méi alternativ ugedriwwene Gefierer?
4. Wéi vill alternativ ugedriwwe Gefierer, déi ee kéint fir eng Staatsvisitt notzen, wieren aktuell disponibel?
5. Ginn et Iwwerleeungen de betreffende Fuerpark hei an noer Zukunft anescht z'equipéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten